Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

Neihaischen
Guide and Scout Centre

Native Village Neihaischen
Programm 2015/2016



Formatiounsaktivitéiten

Infoowend Formatioun « Naturpädagogik », 28.Oktober um 18h

D'Naturschoul Freiburg bidd säit 1988 Formatiounen un, déi Begéinung vum Mënsch mat der Natur duerch eng ganzheetlech Pädagogik förderen. 2014 huet Naturschoul Freiburg an Zesummenaarbecht mat den Lëtzebuerger Guiden a Scouten eng éischte Kéier Formatioun zum zertifizéierten Naturpädagog zu Lëtzebuerg ugebueden.

Naturschule Freiburg e.V.

Ab Mäerz 2016 ass eng weider Formatioun "Naturpädagogik" geplangt. En entspriechenden Infoowend fënnt den 28. Oktober 2015 um 18:00 um Neihaischen statt.

Hei besteet d`Méiglechkeet , d'Organisatioun an den Oflaf vun der Weiderbildung kennen ze léieren an oppen Froen ze klären.
Weider Infoen fann dier op: www.naturschule-freiburg.de

Bogenbaukurs mam Dr. Johann Tinnes, 07. bis 08. November

Ënnert der Leedung vum Experimentalarchäolog an Prähistoriker Dr. Johann Tinnes kennt dir aus enger Wiel vu verschiddenen Typen vun Bei, selwer e Bou bauen an uschléissend och testen.

Präis: ca 270 € inkl. Participatioun um Wëldiessen am Keltenhaus um Samschdegowend an Sonndegmëtten (Déi genee Käschten riichten sech nom ausgewielten Boutyp)
Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu
Umeldeschluss: 23.Oktober 2015

Out-Door Küche mam Markus Stickling, 19. bis 20.März 2016

Hues du Loscht:
.... méi iwwert Out-Door Kichen ze léieren (verschidden Feiertechnicken léieren, Nei an lecker Menüe um Feier ausprobéieren),
....ze gesinn, wat een zum Thema "Out-Door Kichen" mat eise Jonke maache kann,
.....am Holz schnëtzen .... spannend, nei a verréckten Aktivitéiten ze erliewen?
De Weekend gëtt organiséiert a geleet vum Markus Stickling, Diplombiolog an Naturpädagog.

Präis: 70 €
Maximal Participanten: 20 Persounen
Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu
Umeldeschluss: 05.Mäerz 2016

Wildpflanzen und Küche, 03. bis 05.Juni 2016

Referentin: Vera Schröder - Wildnislehrerin
2004:Prüfung zur Phytotherapeutin in der Wildkräuter- und Heilpflanzenschule Doris Grappendorf.
www.eifel-scout.de
„Unsere Nahrung ist unsere Medizin"
Gerade heutzutage ist es wichtig, unsere Nahrung mit Wildkräuter zu ergänzen damit der Körper alle lebenswichtigen Vitamine und Mineralien erhält.Wir werden Wildkräuter kennenlernen, sammeln und zu köstlichen Speisen verarbeitet.
Inhalte: Kräuter kennenlernen & Sammeln , Natur mit allen Sinnen erfahren , Kräutermenüs zubereiten, Eßbare von giftigen Pflanzen unterscheiden.

Präis: 70 €
Maximale Teilnehmerzahl: 20 Personen
Weitere Infos und Anmeldung: neihaischen@lgs.lu
Anmeldeschluss: 05.März 2016

Programm 2015/2016

Wëldiessen, 7. an 8. November 2015

Wéi och an den leschten Joeren fënnt 2015 eist traditionellt Wëldiessen statt.Um Samschdegowend (07.November) an Sonndegmëtten (08.November) erwaarden d'Visiteuren en keltesche Menü an Live Musek.

Präis: 50 €
Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu
Umeldeschluss: 28.Oktober 2015

Benny & the Bugs am Keltenhaus, 19.Dezember 2015

Virun 11 Joer hunn Benny & the Bugs hiren éischten Benefice-Concert fir den Projet " Keltenhaus" gespillt. An dësem Joer kommen Si erëm an ginn eis en traditionelle Chrëschtconcert am Keltenhaus.

Présentatioun Bealtainefestival 2016, 18.Mäerz 2016

Vum 14. bis 15.Mee 2016 fënnt eisen traditionellen Bealtaine-Festival statt. Fir eis dorobber anzestëmmen a wichtegen Infoen zum Programm, Oflaf etc. ze kréien, fënnt en Info-Owend mat lessen, Gedrénks an Musik am Keltenhaus statt.

Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu

Internationale Working-Camp, 02. bis 09.Abrëll 2016

2004 hu mir zesummen mat der Equipe Route an der Päischtvakanz mam Bau vum Keltenhaus ugefang. E puer dausend Guiden a Scouten, awer och anerKanner/Jugendlecher a Schoulklassen hu

beim Bau gehollef an Joeren dono d'Haus mat ganz villen Aktivitéiten belieft. Mee eise Site brauch och vill Entretiensaarbechten, déi mir an den leschte 2 Joeren mat WorkingCamps realiséiere konnten. Och dëst Joer wëlle mir mat iech zesumme schaffen, experimentéieren, an och feieren.

Präis : D' Participatioun ass gratis, fir lessen a Gedrénks ass gesuergt!
Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu

7. Keltefestival "Bealtaine", 14. bis 15.Mee 2016

Keltesch Musik, Demonstratiounen vum kelteschen Liewen, lessen, keltesch Gedrénks an Programm - dëst alles erwaard lech beim 7. internationalen Keltenfestival "Bealtaine". Fir dass den Festival zu engem onvergiesslechen Erliefnis gëtt , brauchen mir är Ënnerstëtzung an Mathëllef!

Weider Infoen kritt dier den 18.Mäerz 2016 beim Info-Owend am Keltenhaus oder ënnert neihaischen@lgs.lu

Wëllefchercamp "Op Entdeckungsrees mam Wickie" 23. bis 31.Juli 2016

Weien Kand kennt den Wickie net?
Oft genuch geroden d`Wikinger an Schwieregkeeten. Wat och ëmmer geschitt, den Wickie ass dobäi. Um Camp ginn Wëllefcher mam Wickie op Entdeckungsrees an erliewen sou spannend Abenteuer.

Präis 150 €
Weider Infoen an Umeldung: neihaischen@lgs.lu

Centre de Formation et d'Animation Neihaischen

1 rue Principale
L-5290 Neihaischen

Tom Lahr

Responsable Native Village Neihaischen

Tel: (+352) 35 76 45
Fax.: (+352) 26 35 21 66
Handy: (+352) 691 83 57 04
E-mail: tom.lahr@lgs.lu

scenes
scout centres of excellence for nature and environment

Neihaischen
Guide and Scout Centre